N°7950
Entrée le 01.06.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 7950 vum 2. Mee 2023 vum Här Deputéierten Sven Clement.**

Allgemeng ass ze bemierken, dass Verspéidungen am Fluchverkéier duerch verschidde Facteure entstoe kënnen, wéi zum Beispill gewerkschaftlech Aktiounen an den Nopeschlänner, Météoskonditiounen, technesch oder operationell Problemer bei de Fluchlinnen oder de Fluchhäfen.

Et ass richteg, datt den Ament d'Arrivéeën um Findel op 12 pro Stonn limitéiert sinn.

Am Kader vun engem Audit vun der Administration de la navigation aérienne (ANA) huet d'Direction de l'Aviation civile (DAC) eng Rei Non-Konformitéite festgestallt. Eng dovun ass als Niveau 1 klasséiert ginn an d'DAC huet eng direkt Aktioun vun der ANA gefrot, déi d'Zuel vun den Arrivéeën op 12 pro Stonn limitéiere soll, soulaang déi Non-Konformitéit net geléist gouf.

Wat d'Statistike vun de Landungen a Passagéierzuelen uginn, verweisen ech op de "Portail Open Data du Luxembourg", op deem all d'Statistike ronderëm de Fluchverkéier publizéiert ginn. Bei weidere Froen zu dësen, kënnt Dir Iech gären direkt un d'Direktioun vun der ANA wennen.

https://data.public.lu/fr/organizations/administration-de-la-navigation-aerienne/

Lëtzebuerg, den 1. Juni 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch